STAD DIKRICH

NATIIRLICH FIR EECH DO!

www.diekirch.lu

NEWSLETTER OKTOBER 2026

SCHANTERCHER

Suivi Gemengenarchiv

Wärend d'Bannenaarbechten an d'Grondsanéierungen am zukünftege Gemengenarchiv an der Villa Conter viru ginn, gëtt parallel um Daach geschafft. Dëse gëtt an den nächste Wochen erofgeholl, verstäerkt an nei geluecht. Och d'Fënstere si scho bestallt a ginn an den nächste Méint agesat. Deemnächst ginn dann och d'Soumissioune fir di technesch Installatiounen op.

GEMENGEPROJETEN

Padelterrainen

Säit Mëtt Oktober kann een elo iwwer den Internetsite vu Balle Jaune (QR-Code) d'Nordstad-Padelterraine reservéieren. Bei der éischter Umeldung musst Dir Iech aschreiwen an e Konto opmaachen. Well d'Padelterrainen e Projet vun de 4 Nordstad-Gemenge sinn, bleiwe si an enger éischter Phas exklusiv fir Nordstad-Awunner reservéiert. Duerfir musst Dir ee Certificat de résidence eropluede fir Äre Konto z'aktivéieren. De Präis pro Stonn läit bei 20€ pro Terrain. Weider Informatiounen zum Fonctionnement an zum Accès op d'Terraine fannt Dir um Internetsite vun der Gemeng.

Nei Vëlosënnerstänn

Dräi Vëlosënnerstänn ginn op verschiddene Plazen installéiert: ee grousst Haische beim Site vun der aler Schwemm, eent virum Wirtgensschlass an eent beim Militärmusée. D'Fundamenter si souwäit fäerdeg, d'Haisercher si bestallt a solle bis Enn des Jores installéiert ginn. Beim Vëlosënnerstand um Site vun der Aler Schwemm wäert dann och een Eck fir de Vëlo ze flécken an ze botzen amenagéiert gi wann d'Haischen hei bis steet. Op den Ënnerstänn beim Site vun der Aler Schwemm a virum Militärmusée déi mat Holz agekleet ginn, wäert och ee Gringdaach ugeplanzt ginn.

INFORMATIOUN

DIKRICH TV | Um Infokanal, bei der Post an Eltrona
| All 3. Méindeg am Mount owes um 19 Auer eng nei Emissioun

NÄCHSTEN DEIWELSELTER (LU FR EN) | Mëtt Januar 2027 per Post an op diekirch.lu

Nordstad-Ëmfro Sportinfrastrukturen

Är Meenung zielt – gestalt d'Sportzukunft vun Ärer Gemeng mat! Wéi beweegt Dir Iech? Wéi zefridde sidd Dir mat de Sport- a Beweegungsméiglechkeeten an der Gemeng? A wat wënscht Dir Iech fir d'Zukunft? Fir d'Besoinen vun den Awunner besser ze verstoen an déi zukünfteg Planung geziilt dorop auszeriichten, huet den Nordstad Syndikat eng Ëmfro lancéiert. Matmaache kann all Awunner iwwer 14 Joer. D'Participatioun ass anonym an dauert nëmmen e puer Minutten. Maacht mat andeem Dir de QR-Code scannt a gewannt mat bësse Chance eng kleng Iwwerraschung.

FESTER & EVENTER

De Literatur-Mëttwoch

No enger erfollegräicher éischter Saison vum *De Literatur-Mëttwoch* geet et elo an déi zweet Ronn. Den Optakt dobäi maachen den 28. Oktober d'Auteure Percy Lallemang mat sengem Thriller *In the Land of the Blind* an de Gast Zangerlé mam Krimi *Les sanguinaires des Abymes*. Weider geet et den 18. November mam Auteur Jemp Schuster a sengem Roman *Spawecken*. Musekalesch begleet gëtt hien dobäi vun der Musikerin Claire Parsons. Rendez-vous ass all Kéier owes um 18:30 Auer an der Aler Kierch.

Filmprojektioun MÃE

Den 12. November um 19 Auer invitéieren d'Kommissioun fir Soziales an den 3. Alter zesumme mam Ciné Scala an dem Info-Zenter Demenz op d'Projektioun vum Film Mãe. An dësem Drama handelt et sech ëm Léift, Demenz an d'Al ginn, inspiréiert vun der Familljegeschicht vum Realisateur João Brás, deen och present wäert sinn. Nom Film fënnt een Austausch mat der Dr. Ana Carolina Teixeira Santos statt, suivéiert vun engem Patt offréiert vun der Kommissioun. Gratis reservéiere kënnt Dir Är Plaz bis den 10. November (info@demenz.lu / +352 26 47 00).

KLIMANEWS

Iwwerschwemmungsgefor am Hierscht

Ufank Oktober huet de Ministère de l'Environnement am Kader vun der Pressekonferenz „Prett fir den Hierscht" säin neien Internetsite fir Iwwerschwemmunge **www.inondations.lu** virgestallt, wou een all Informatiounen zu Peegelstänn, Previsiounen an Alerte fënnt. Wéinst dem Klimawiessel ass et wichteg, dass d'Leit sécher a fiabel Informatiounen hunn, déi si besser op Iwwerschwemmunge preparéieren. An deem Sënn offréiert de Ministère och Subventioune fir Proprietairen, déi hir Haiser a Wunnenge geziilt géint Iwwerschwemmunge schütze wëllen. Des Aiden decke 75% vun de Käschten a gëllen och fir Gebaier mat kommerziellen, ekonomeschen, kulturellen an ëffentlechen Zwecker. Weider Infoen dozou ginn et op **www.emwelt.lu**.

NORDSTAD ËMWELTDEEG

DNA - Den Nohaltegen Afterwork

zu Dikrich

27.11. vun 16 – 20 Auer

SAVE THE DATE

DNA – Den Nohaltegen Afterwork

Wéini? De 27. November um 16 bis 20 Auer
Wou? Al Seeërei, Rue de l'Industrie

Ofschlossevent Nordstad Ëmweltdeeg

Vill wäertvoll Informatioune ronderëm d'Thema Nohaltegkeet a Klimaschutz

Eng Plaz fir sech geselleg zum Thema auszetauschen an Nohaltegkeet selwer auszeprobéieren

VILLE DE DIEKIRCH

GREEN EVENTS